




GRATIS NON-FORMAL BILDUNG FIR ÄERT KAND

Ee weidere Schrëtt fir méi Chancëgläichheet

Déi non-formal Bildung (Maison-relais, Foyer-scolaire, Mini-crèche an Dageselteren) spillt eng wesentlech Roll an der Entwécklung vun Ärem Kand a sengen Erfollegschancen. Si komplettéiert déi formal Bildung an der Schoul. Si erméiglecht et Ärem Kand, an enger entspaanter Atmosphär déi wichtegst Kompetenzen ze entwéckelen: Sprooch, Motorik, sozial Relatiounen, Kreativitéit, technesch Fäegkeeten an eng aktiv Participatioun.

Dofir gëtt déi non-formal Bildung nach méi zougänglech. Vun der Rentrée 2022/2023 un ass den Accueil an de Structure vun der non-formaler Bildung während de Schoulwochen gratis fir déi schoulpflichteg Kanner aus dem Fondamental.



Weider
Informationen op
staarkanner.lu

Wat maachen d'Kanner an enger Bildungs- a Betreuungsstruktur?

An der Maison relais, der Mini-Crèche oder bei engem Assistant parental entdeckt Äert Kand spilleresch a fräizäitorientéiert Aktivitéiten.

Donieft gëtt an alle Bildungs- a Betreuungsstrukturen och eng Hausaufgabenhëllef ugebueden. Unhand vum E-Bichelche kënn Dir lech mam Enseignant ewéi och mam Educateur iwwert d'Hausaufgabe vun Ärem Kand austauschen.



DÉI NON-FORMAL BILDUNG ASS ZOUGÄNGLECH FIR ALL KANNER

A wéi enge Strukturen ass d'Betrieung gratis?

D'Gratuitéit betrëfft all d'Bildungs- a Betreungsstrukture fir schoufflichteg Kanner: d'Maison-relais (och bekannt als Foyer de jour oder Foyer scolaire), d'Mini-Crèchen an d'Assistants parentaux.

Fir wie gëllt dës Gratuitéit?

D'Betreiung ass gratis, wann Äert Kand den 1. September 4 Joer al ass (Ufank vun der Schoufflicht), an am Enseignement fondamental ass.

Wéini ass et gratis?

D'Betreiung ass gratis während de Schoulwochen, vu méindes bis freides vu 7 bis 19 Auer, ofgesi vum eventuellen Depassement, dee vun der Bildungs- a Betreungsstruktur facturéiert gëtt.

Fir d'Betreiungsstonne viru 7 Auer an no 19 Auer gëllt de **Barème** vum Chèque-service accueil (CSA) fir déi finanziell Bedeelegung vun den Elteren.

Wie gesinn d'Tariffer an de Schoulvakanzan aus?

Während de Vakanzan ass d'Betreiung net gratis. Déi finanziell Participatioun vun den Elteren ass dann net méi gedeckelt, mee de **Barème** vum Chèque-service (CSA) gëtt applizéiert.

Wéi kann ech vun der gratis Offer profitéieren?

Wann Äert Kand schonn an eng Bildungs- a Betreungsstruktur geet, dann iwwerpréift wgl., ob Äre Kontrakt nach gültig ass, well en net automatesch erneiert gëtt.

Falls dëst nach net de Fall sollt sinn, musst Dir als éischt dem Système vum Chèque-service (CSA) bäitrieden. Dëst kënn Dir maachen op der Gemeng, wou Dir wunnt. Falls Dir Frontalier sidd, musst dir lech un d'**Zukunftskeess (CAE)** adresséieren.

Am Utschloss kënn Dir Äert Kand dann an enger Bildungs- a Betreungsstruktur, déi am **CSA-System** dran ass, aschreiwen. D'Ophuele geschitt a Funktioun vun den disponibele Plazen.

Sinn d'Molzechten och gratis?

Während de Schoulwoche si mëttes d'Molzechte gratis fir déi schoufflichteg Kanner. Während de Vakanze kënnen just Famille mat engem Akommes vu manner wéi dem zweefache Mindestloun vun dese gratis Moolzechte profitéieren. Fir all aner Famille gëllt de **Barème** vum Chèque-service (CSA).